

Felicitas Hoppe

Vu Wëlwerwolz
op Kalkutta
Roman

Wéi frou ech mat dëse Geschichte sinn, d'Virstellung vun de Gesichter vun dëse Koppelen op der Hochzäitsrees, déi meng Schwëster drun hënneren, hir Aarbecht esou ze maachen, wéi et sech gehéiert. Ech richen et quasi, wéi d'Loft an de Kummeren déck gött, well d'Koppelen op Hochzäitsrees ni wëllen, datt frësch Loft eragelooss gött, well se Angscht hunn, sech schonn duerch déi dënnst Spléck no baussen erëm ze verléieren. Se beméie sech esou intensiv een em deen aneren, datt se heiansdo, wa meng Schwëster mat engem schwéier beluedene Plättel virun der Dier steet, guer net méi wëllen opmaachen an op eng Kéier behaapten, si hätte keen Honger méi. Neen, keen Honger, ruffe se da vu bannen, woubäi d'Männer laachen, d'Frae kickelen, setzt de Plättel einfach op de Buedem, gitt a maacht Iech e schéinen Dag, mir ginn Iech fräi, mä loosst wann ech gelift d'Fläsche stoen.

Wa meng Schwëster méi spéit erëmkënnt, ass d'lesse kal, d'Fläschchen awer si verschwonnen, dat heescht nëmmen déi voll, déi eidel dogéint stinn an enger Rei laanscht d'Mauer de Gank erof, an hannert den Dieren ass et roueg ginn. Heiansdo hält meng Schwëster d'Ouer widdert déi eng oder aner Dier, fir de Geschichte vum Gléck nozelauschteren, déi sech, wann ech hiren Erzielungen dāerf gleewen, an allen europäesche Stied just nëmmen eng Grimmel vuneeneën ënnerscheeden. Deen een oder aneren Detail vläicht, sou wéi zum Beispill d'Etiketten op de Fläschchen zu Prag vun deenen zu Paräis. Och d'Bräutkleeder an d'Kostümer vun de Bräitchemänner ënnerscheede

sech vuneneen, wat ee méi wäit an den Oste kënnt, wat de Stoft méi ofgenotzt ass. Mä alles dat, behaupt meng Schwëster, ass net wichteg, well all dat anert ass iwwerall d'selwecht, dat kanneregt Gekickels den éischten Dag, d'Vespriechen den zweeten an dat luest Kräische vun der Braut den drëtten Dag.

Net méi spéit wéi de véierten Dag ass Rou. Dono ginn iwwerstierzt d'Wallisse gepaakt, dann endlech sinn s'erëm fort, an d'Zëmmermeedercher rennen an d'Kummeren, fir do all Méiglechtes ze fannen, déck Loft, Blummebuckien, déi lues a lues amgaang sinn ze verwielen, hallef eidel Fläschen an zerdruddelt Nues-schnappecher a grouse Quantitéiten, just Drénggeld fanne si ni. Iwwerhaupt soll deen, deen op Drénggeld spekuléiert, seet meng Schwëster, seng Zäit net mat Koppelen op Hochzäitsrees verjuppen. Vill éischer ass et derwäert, sech op de Couloire vun Hären erëmzedreiwen, déi eleng ënnerwee sinn, sech e bैसे méi laang mam Proppermaache vum Buedzëmmer ofzeginn, well, wéi d'Erfahrung ee léiert, ass et just nëmmen eng Fro vun Zäit an Ausdauer, bis um Enn ee vun hinnen dem zoustännegen Zëmmermeedchen den entspriechende Schän an d'Täsch stécht.

Natierlech kann ee sech och bei Hären, déi eleng ënnerwee sinn, emol ieren, sou wéi ee sech iwwerhaupt ëmmer erëm a Visiteuren a Gäscht iert. Dat weess ech selwer nëmmen allze gutt, well meeschtens sinn et grad déi, déi sech bei Féierunge besonnesch no u mech erundrécken, déi, déi alles ganz genee wëlle wëssen, déi mir, nach iwwerdeems ech schwätzen, d'Viséier vu men-

gem Helm erop- an erofklappen, sech am léifsten nieft mech an d'Rüstung géife stellen an et och net kënne loossen, mäin Hond unzepaken, mengem Päerd an de Kamp ze gräifen an ze ruffen: Dat soll e Krichspäerd sinn, an d'Schwäert, wou ass dann d'Schwäert, a wou ass d'Brietspill a wou Är Damm?, genee déi sinn et, déi um Enn iwverhaapt näischt ginn, wougéint déi, déi wéi komplett onbedeelegt wierken, déi d'ganz Féierung iwver keng Minn verzéien, op eng Kéier onerwaart hir Portemonnien oprappen an alles, wat dran ass, iwver mir ausschëdden. Méiglecherweis hu se just nëmme Matleed mat mir, vläicht och mam Monter, ganz bestëmmt mam Schengen, well dat Déier mécht wierklech keng gutt Figur. Sâi Pelz ass am Laf vun de Joren iergendwéi stompeg ginn, och wann ech alles dofir maachen, et virun all Féierung op Héichglanz ze stréilen.

Méi wahrscheinlech awer ass, datt se bereet sinn, alles dofir ze ginn, fir datt ech endlech ophale mat Schwätzen, dës Geschichte vu Bäckeren a Faïenceriesfabrikanten ze verzielen, déi e privaten Handel mat Kinneksschanken ugefaangen hunn, vu Klackegéisser, déi beim Géissen téscht de Wänn vun hire Klacke verschwannen, vun aneren, déi beim Schwéng vum der Klack d'Kraaft an den Äerm verléieren an aus den héije Kierchefënsteren erausfalen. Jo, dës Geschichte sinn hinne wuel ze vill onappetitterlech, vläicht ass hinne meng Stëmm ze haart, meng Begeeschterung ze grouss, vläicht gefält hinnen och d'Tatsaach net, datt ech, och wann ech dat konsequent verheemlechen, kee Schoulofschloss hunn. Oder et ass de Stil vu menger

Ried, déi ganz Presentatioun vun deem, wat geschitt ass, well ech hei an do gär eppes derbäisetzen, do an hei dogéint eppes ewechloossen.

Mä anescht ass dëst Geschäft jo iwverhaapt net ze bedreiwen, well wat kann ech dofir, datt d'Geschicht esou beschafen ass, datt s'aus soss näischt wéi aus elauter Geschichte besteet, aus enger onendlecher Mass vu Schanken an Nimm, déi ee liicht kann duercherneebriengen. Wéi soll een s'auserneenhalen? De Jang de Blanne vum Jang dem Kéngen, de Plakkapp Karel vum Grouse Karel, de Louis de Fromme vum Louis dem Tuddeler, de Karel den Eefalt vum Karel dem Décken, de Karel den Décke vum Pipin dem Gebockelegten, de Bëschof Drogo vum Abt Hugo, d'Konkubin Madelgaard vun der Äbtissin Theodrada, déi ostfränkesch Kinneke vun de westfränkeschen, d'Fransouse vun de Spuenier, d'Engländer vun den Elsässer, d'Burgunder vun de Wallounen, d'Béimer vun de Wëlwerwölzer an d'Wëlwerwölzer vun de Knapphouschenter? A wéi soll een am Eescht d'Knapphouschenter vun de Belsch ënnerscheeden an d'Belsch vun den Däitschen an déi Däitsch, déi ee souwisou vu kengem kann ënnerscheeden, vun de Lëtzebuurger an hiren an Holz gehaene Jongfraen? Ech probéiere jo nëmme just, fir eng Grimme Uerdnung an dës Mass vu geafferten Dammen a gefale Bueten ze briengen, deenen hir Noriichten ëmmer ze spéit kommen. Scho laang gouf den Dokter an de Sak gebitzt, a fort mat him an de Floss.

A wat bleift um Enn iwwreg? E puer Heegafelen a Gewierer, e Sall voll mat Wärter a Wiechter am Schlof,

Goudrongsnuesen, déi päifen, eidel Rüstungen, eidel Helmer, eidel Better, Cabinetsecken, déi kee Mënsch méi benotzt, Tierm, duerch déi de Wand bléist, an aner Tierm aus Bicher, déi lues, wéi gielzeg Kathedralen, op eiser Fëensterbänk an der Kichen no ënne sacken, fir am Hierscht soss näischt méi ze hannerloosse wéi lasse Blieder a Stëbs an d'Erënnerung un eng kleng Grupp Touristen, déi schnadderer an deenen d'Wantere am Éislek ze kal sinn. An d'Tatsaach, datt am Buerghaff e Bus mat Heizung steet, heescht guer näischt, well wie kann Iech haut nach garantéieren, datt, wann d'Féierung bis eriwwer ass, de Bus wierklech nach do ass?

Huelt dat net op d'licht Schëller, well gleeft es, hei am Land geet eng eenzeg geklaute Kou duer, fir zwou Parteien, déi a Feindschaft matenee verbonne sinn, an e jorelaange Krich ze verstrécken. Ech begleeden Iech gär op d'Koukrichsroute, op all Kaart ass dëse Wee agezeechent. Hei, wou d'Kräiz steet, un dësem frëndleche Bam gouf ouni Pardon an ouni Geriicht den Déif opgehaangen, en einfache Bauer. Just datt de Bam op der falscher Säit stoung, nämlech net um Gebitt vum Delinquent, wat de Landeshär net konnt akzeptéieren, sou datt hien esou haart no Krich geruff huet, datt mir op mengé Féierungen ëmmer erëm Zweifel doru kommen, wat fir Déieren tatsächlech an eise Bëscher hausen an ob et net méiglecherweis liichtfankeg ass, wann ech de Visiteure géintiwwer behaupten, nëmme just nach d'Kéi wieren do, d'Wëllef dogéint wieren ausgestuerwen. Jo, maachen ech mech

net esouguer strofbar, wann ech konsequent ënnerschloen, datt d'Häerzschléi vum Ongeheier nach ëmmer ze héiere sinn, dat sech blesséiert an d'Bëscher zrëckgezunn huet, fir enges Daags, wa kee méi domat rechent, erëmzekommen, fir seng Rechnung ee fir allemol ze begläichen?

Well all Ament kéint iergendeppes vum Himmel fallen, oder de Buedem géif sech opdoen, oder de Wuerm kéim aus de Bëscher eraus gewänzelt, fir de Bus ze verschlécken. Oder de Bus géif sech einfach an aller Rou ganz ouni Bedeelegung vun der Natur a Loft opléisen, well de Buschauffer sécher net op en nach méi e grousst Ongléck ugewisen ass. Et géif vëlleg duergoen, datt hien einfach fortfiert, well hien d'Loscht verluer huet ze waarden, bis d'Grupp endlech erëmkënnt. Well fir genee ze sinn, huet och de Buschauffer net vill méi vun de Gäscht z'erwaarde wéi meng Schwëster an ech. Och hie kritt net dacks en Dréngeld, heiansdo vläicht e Pak Zigaretten als Merci dofir, datt hie vun där enger oder anerer Koppel eng Foto mécht.

Fir datt et hei net zu engem Mëssel kënnt, meng Schwëster an ech, mir si frou mat eisem Beruff. Ech gesinn dat un hirem Gesiicht, wann si kuerz virum Depart hir Schiertecher streckt, an och mir fält et schwéier, d'Chrëschtdeeg ouni eng eenzeg Féierung z'iwwerstoen. De Monter drängt eraus bei déi fënnf-annonzegst Buerg, an esouguer de Schengen gött onroueg am Stall. An esou verdreiwe mer eis d'Waarden, esou gutt et geet, andeems mer Nëss knacken a fir de

Rescht vum Wanter Feierholz tässelen, bis déi nei Saison ufänkt.

Esou ass et bei eis kuerz viru Chrëschttag, a mir géifen, eleng scho wéinst eiser Mamm, dat alles gär eng Kéier am Joer erdroen, wier do net déi Onrou, déi mäi Brudder péngegt, deen als Leschten ureest, fir als Éischten nees ze verschwannen, an d'Zäit dotëscht féllt mat der ganzer Kraaft vu senger Negatioun. Mat grouse Geschichten doriwwer, wéi d'Welt a Wierlechkeet ass an datt mer näischt vun deem wëssen, wat sech baussent eisem Land ofspillt, datt eis Deeg gezielt sinn an datt keen hei un eisem Dësch soll mengen, hie kéint eng Ausnahm maachen.

Genee dat huet mäi Brudder gëschter gesot, aus renger Expressesgkeet natierlech, um Owend viru mengem Gebuertsdag, an och nach derbäigefléckt, datt d'Welt vill ze kleng ginn ass fir Ausnahmen an datt ech mir näischt drop soll abilden, datt ech tëscht de Gënzepitsch sëtze bliwwe sinn an nach ëmmer Girlanden trëtzen, deen een oder anere Stär verdeelen an drop waarden, datt enges Daags d'Klack ufänkt ze lauden. Well do, huet mäi Brudder geruff an triumphal mat der Fauscht op den Dësch geschloen, do kanns du laang waarden, Klenge Baedeker, se laut net méi, se ass definitiv verstommt, wéi iwwerhaupt alles lues a lues verstommt op dësem ale stëbsege Kontinent, dee soss näischt ass wéi e gigantesche Musée voll mat lächerleche Reschter, deem seng Awunner nach ëmmer mengen, si géifen zu deene gehéieren, déi gerett goufen.

Wat heescht scho gerett, wollt ech ruffen, awer ech hunn de Mond gehalten, well schliisslech huet mäi Brudder studéiert, déi integral Geschicht vun de Kräiz-zich an den Eruewerungen. Wahrscheinlech huet hien esouguer e puer Aarbechten iwwer dëse Sujet verfaasst, huet sech Deeg an Nuechten a Bibliothéiken ëm d'Ouere geschloen, huet gelies, geschriwwen, verworf an nees geschriwwen an nees gelies an nach eng Kéier verworf, a wahrscheinlech huet hien an all där Zäit kee Fouss virun d'Dier gesat, ass iwverhaapt net an d'frësch Loft komm, huet net giess an net gedronk, iwverdeems ech mengem Papp d'Thermosfläsch an d'Kuuschten nogedroen an him dobäi nogekuckt hunn, wéi hie lues vum Daach gefall ass, een Ament laang leie blouf an dunn onerwaart dach erëm opgestanen ass, fir hannescht un den Dësch ze goen a sech hantert der Zeitung ze verstoppen, déi sech elo lues op d'Dëschplack erofbeweeget.

Mengem Brudder seng Stëmm gött méi haart, meng Mamm hiert Gesiicht méi laang, meng Schwëster fänkt lues u mat Laachen, an d'Kaz steet aus hirem Kuerf op, well déi Plaz hir net méi ganz sécher virkënt. Mir alleguer gesi säi Gesiicht an de Schued, deen et erlidden huet. Da faalt hien d'Zeitung zesammen a léisst se wéi e klengen zolidde Knëppel mat engem haarde Klaken op de Bord vum Dësch knuppen.

Sou, seet mäi Papp haart an däitlech. Sou erwëscht een d'Mécken a frieme Länner.